adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Question élargie n° 133
Reçue le 25.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.02.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Februar 2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, wéilt ech dem Här Schoulminister eng erweidert parlamentaresch Fro stellen.

Den Här Schoulminister huet virun zwou Wochen op enger Pressekonferenz erkläert, hie wier frou doriwwer, d'Lëtzebuerger Schoullandschaft mat der "Ecole internationale Gaston Thorn", der sechster Europaschoul hei zu Lëtzebuerg, weider ze "dezentraliséieren" an an noer Zukunft iwwerall am Land eng Alternativ zum klassesche Schoulprogramm ubidden ze kënnen. An engem Interview mam *tageblatt* vum 10. Februar 2022 seet den Här Minister: *"Wir haben aber gesehen, dass unser traditionelles Schulsystem der sozialen und sprachlichen Heterogenität in der Gesellschaft nicht immer gerecht wird."* Eist traditionellt Schoulsystem kéint vun den Europaschoule léieren. Dat géif sech ganz besonnesch och op den Ëmgank mat de Sprooche bezéien. An deem Kontext huet den Här Minister d'Méiglechkeet vun enger, der Origine vum Schüler ugepasster Alphabetiséierung ugedeit, wat jo géif zu enger Trennung vun de Schüler, jee no Origine, féieren.

Well d'Froe ronderëm eng funktionéierend Schoul vu grousser Wichtegkeet fir d'Zukunft vun eisem Land sinn, wier ech frou, wann Dir dës erweidert Ufro un den Här Schoulminister zäitno op d'Dagesuerdnung vun der Chamber kéint setzen.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten